D'Situatiounen an alle Beräicher ginn ëmmer méi komplex, sief dat mat eelere Leit oder am Office social. An deelweis probéiere mer nach, mat Solutiounen vu virun 15-20 Joer op d'Erausforderunge vun haut ze äntweren. D'Leit um Terrain sinn oft ganz kreativ fir rapid Solutiounen ze schafen, wou et nach keng gëtt. D'Politik ass do méi wéi eng Kéier 1-2 Schrëtt hannendrun. Huele mer d'Beispill vun de Réfugiéen: Dat ass u sech keng nei Fro, mer haten d'Situatioun scho mat de Leit, déi aus dem Balkan koumen. Mer waren awer trotzdem, menger Meenung no, relativ schlecht drop preparéiert an de Gemengen, fir mat deene Leit ze schaffen, déi säit 2015 als Demandeur de protection internationale ukommen. Et ass menges Wëssens de Moment keng Gemeng informéiert, wéi vill Leit zu wéi engem Moment sollen an de jeeweilege Gemengen ukommen. Dat ass ganz schued, well wann ech net weess, wat op mech duerkennt, kann ech net **am Virus plangen**. An deem Beräich ass nach ganz vill Aarbecht ze man. Sou wéi och vill Aarbecht do wier, fir **de Profil vun deene verschiddene Beruffer am Sozialsektor ze schärfen**. Wa mer kucken, wéi déi verschidde Posten ausgeschriwwen sinn, dann erfëieren ech heiansdo: Z. B. gëtt gesot, mer brauchen e Sozialpädagoge oder en Educateur. Do si jo awer e puer Welten tëscht deene Beruffer, an et kann net gutt sinn, datt wann ech deen een net fannen, deen aneren d'Affaire och mécht. Dofir mussen mer engersäits d'Profiller schärfen an anersäits och déi **Leit sensibiliséieren, déi Personal engagéieren**. Kucke mer dee grouss Kanner- a Jugendberäich, wou och d'Maison-relais drënner falen: Et si gewéinlech politesch Responsabler, déi do engagéieren, ouni datt se onbedéngt eng grouss Proximitéit hunn zu deem Aarbechtsberäich an deen Detail kënne kennen, dee mir als Professioneller kennen.

Martine Neyen

Wéi erlieft Dir elo perséinlech als Student, d'Roll vun der Uni an deem Beräich: Ass dat, wat Dir hei léiert, pertinent fir dat, wat Dir Dag fir Dag um Terrain erlieft a gesitt? Wat ass d'Plus-value vun där Ausbildung fir Iech?

Raoul Schaaf

Dat, wat mer opfällt, an deene puer Woche säit ech hei als Student sinn, ass datt d'Uni sech wierklech Méi gëtt, fir **eng ugepassten Äntwert op d'Komplexitéit vun dobaussen** ze ginn. A menger Experienz vun 30 Joer am Sozialsektor hunn ech vill nei Projeteen op d'Schinn gesat. Wéi ech viru 15 Joer eng Zousatzformatioun gemat hunn am Sozialmanagement, war et am Fong déi éischte Kéier, wou ech e Projet, deen ech wollt realiséieren, virdu geplangt hunn. Bis dohinner war et ëmmer esou, datt mer gekuckt hunn, wat géif gebraucht ginn, an da si mer lassgefuer, mam Kapp am Guidon, bis mer dann iergendwa gekuckt hunn, wou mer dru wieren, a gegebenenfalls ugepasst hunn, wou et néideg war. Mat där akademescher Approche, fir sech virdrun eingehend mat engem Thema ze beschäftegen, ginn d'Chancen, e Projet gutt ze realiséieren, e gutt Stéck méi héich. **Plangen** ass immens wichteg, sou wéi och dat, wat ee mécht, **aus verschiddene Perspektiven** ze kucken an enger aner Vue ze kréie wéi déi, an där ee permanent gewinnt ass ze schaffen. Dat, wou mer de Moment ënnerwee sinn am berufsbegleitende Bachelor, ass mat Sécherheet eng gutt Basis, fir herno um Terrain eens ze ginn. Et ass awer och ganz wichteg, dat **Wësse** spéider kënne praktesch ëmzesetzen an dem Terrain unzepassen, an dofir ass op d'mannst grad sou vill **Kreativitéit** wéi Wësse verlaangt. An dann nach eng lescht Remarque: All déi, déi haut no 20-30 Jore Berufserfahrung an enger leedender Funktioun sinn, kommen aus iergendenger Basisformatioun eraus. Mee fir e Betrib no betriebswirtschaftleche Kriterien kënne ze leeden, sinn och **Managementkompetenze** gefrot.

Martine Neyen

Gilles Rod, Dir sidd haut hei als laangjäregen Direktor vum CNDS, wou Dir e ganz direkte Kontakt mat der sozialer Aarbecht hat, nodeem Der och eng Rei Jore bei den Ateliers thérapeutiques ATP asbl waart, an, am Ufank vun Ärer Carrière, als Psycholog bei der Adem geschafft hutt.

Dir sidd natierlech och haut hei als frëschgebakenen Direkter vun der Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte, déi indirekt am soziale Feld tätig ass, andeems se vill Projete finanzéiert. D'Oeuvre ass och dëst Joer fir d'éischt mat engem Stand um Praxisdag vertrueden, mat Informatiounen iwwer hir Aktivitéiten, déi ganz breet gefächert sinn an déi ëmmer

Table ronde



drop hinzilen, fir bestehend Engpäss an der Gesellschaft ze diagnostizéieren an doropshin Léisungsusaz virzeschloen, respektiv ze finanzéieren.

Dir hutt also eng wäertvoll Experienz souwuel als Akteur wéi als Manager am soziale Beräich. Wat ass dat Éischt, wat lech an de Kapp kënnt, wann ech lech froen, wat fir eng Entwécklung Dir iwwer all déi Jore konnt feststellen?

Gilles Rod



Ech hunn effektiv d'Chance gehat, fir iwwer déi lescht 20 Jore vill verschidden Erfarunge kënnen ze sammelen, ugefaang mat Terrainsaarbecht, dunn iwwer de Middle Management an de Management bis elo als Facilitateur vun neie Projeten. Dobäi hunn ech

eng kloer Evolutioun gesinn, bei mir selwer natierlech, awer och am Ėmfeld. Ganz markant ass fir mech dat hei: De Secteur verännert sech an de leschte Joren immens am Sënn, wou d'Gründerväter an d'Gründermütter vun all deene sozialen Arichtungen, souwuel vun deene grouse wéi och deene méi klengen Akteuren, lues a lues an d'Pensioun ginn. Déi hunn alles opgebaut an elo kënnt eng **nei Generatioun**, déi do muss weiderfueren, wou déi aner ophalen. Dat ass eng grouss Erausforderung, notament wa mer vun der **Professionaliséierung** vum Secteur schwätzen. Virdu war et esou, datt wann een eng Iddi hat, konnt een am Minister säi Bureau erasprangen an da konnt ee gewéinlech ufänken. Et huet souwisou alles musse gemat ginn, well nach nâischt do war. Dat huet sech verännert. Et gëtt entre-temps esou eng Villfalt vun Associatiounen, Fondatiounen, Aktivitéiten, esou vill verschide Beräicher, datt d'Initiativen ëmmer méi **spezifesch** musse ginn. Déi grouss Allrounder gëtt et an där Hinsicht net méi, souguer déi grouss Akteuren deelen sech ëmmer méi an a kloer definéiert Departementer. Dat heescht, et gëtt sech

ëmmer méi professionaliséiert an de sozialen Arichtungen sou wéi och an de Ministären: Si stelle méi héich Ufuerderungen, si setze méi Conditionen an den Agrementen, si hätte gär eng besser Kontroll vun de Finanzen. An natierlech ass et fir en Träger immens wichtig, datt e ka weisen, datt e propper schafft an datt déi Moyenen, déi e kritt, fir de richtigen Zweck agesat ginn. Ech denken, datt do nach e grouse Manktum ass. Mir brauchen an deem Secteur an den nächste Jore **kompetent, verstänneg a sensibel Führungskräfte**, déi nieft dem soziale Bagage och en anere Bagage matbréngen (rechne kënnen, e Bilan liesen, eppes vu Comptabilitéit verstoen asw.). Et gëtt ëmmer méi Leit, déi aus dem Finanzsecteur an de Secteur social iwwerwiesselen. Si bréngen och villes mat, awer net ëmmer déi Grondbasis, déi humanistesche Grondapproche, déi an de Sozialwëssenschafte vermittelt gëtt, vu Respekt, Inclusioun, Partage. Och wann dat e bësse plakativ klängt: Ech geséich léiwer, datt de Middle Management an de Management am soziale Secteur vun deene Leit besat gëtt, déi hei d'Bänk drécken, wéi vun engem, dee just déi klassesch Modeller vun der Finanzwelt op de Secteur social applizéiert. Do riskéiert einfach vill ze vill Mënschlechkeet op der Streck ze bleiwen. Dat als Message un all di Studenten hei, déi eventuell wëlle spéider eppes an déi Richtung man.

Martine Neyen

Meng zweet Fro geet un lech als Direkter vun der Oeuvre. Et ass éinescht kuerz erimmt ginn, d'Oeuvre ass en Etablissement public a si finanzéiert Projeten, déi hëllefen, Schwaachstellen an der Gesellschaft ze behiessen. Wéi gesitt Dir Är éischt Prioritéit als Direkter vun der Oeuvre?

Gilles Rod

D'Oeuvre huet zwou Missiounen: d'Loterie Nationale ze organiséieren an déi Gelder, déi duerch d'Loterie erakommen, u

Projeten ze verdeelen, a sozial Wierker, Kultur, Environnement, Sport santé an d'Mémoire de la 2ème Guerre mondiale. Eng vu menge Prioritéiten an den nächste Jore wäert déi sinn, fir ëmmer méi kloer **Critèren** ze schafen, no deene mer Geld verdeelen, a sécherzestellen, datt déi finanziert Projekte pertinent sinn, gutt geféiert ginn a sech à la longue kënne perenniséieren. A mer wëllen natierlech och kucken, wat den Impakt vun deene Projeten ass, a wat den Träger a mir alleguer kënne doraus léieren. Dofir si mer de Moment amgaang, mam Lieser e Konzept auszeschaffen, wéi mer deen **Impakt** kënne moossen.

Et gëtt nach eng aner Saach, déi mir perséinlech wichteg ass. Ech stelle fest, datt et am soziale Beräich – anescht wéi an anere Secteure wéi de Finanzsektor z. B. – am Fong net vill Méiglechkeete gëtt, wou d'Leit aus deem Sektor sech kënne **begéinen, austauschen, networken** asw. Deen Dag hei ass eng exzellent Method, fir dat ze man, dofir e grouss Merci un d'Petra Boewen a seng Equipe. Ech wëll mech derfir asetzen, datt d'Oeuvre an Zukunft esou Evenementer kann organiséieren, well vun den Echangen, op alle verschiddenen Niveauen, huet jiddereen immens vill.

Martine Neyen

Merci fir all déi Äntwerten, déi mer bis elo héieren hunn. De Moment ass komm, fir e puer Temoignagen oder Froen aus dem Sall ze sammeln. Merci un de Geert van Beusekom, deen e Micro prett huet fir Är Interventiounen.

Nicolas Hirsch, Conseiller an der Oeuvre fir Projekte mat Réfugiéen



Ech war am Virtrag éinescht e bësse verwonnert, fir de Volet „Migration, Réfugiés“ ënnert dem Praxisfeld „Benodeelegung, Chancegläichheet“ erëmfannen. Ass dat dee richtegen Tirang?

Céline Dujardin



Wéi mer ons **Typologie** opgestallt hunn, hu mer verschidden Tiräng gemat, wou mer ons bewusst sinn, datt se ze grouss sinn. Dozou gehéiert och de Volet „Migration“. Déi aktuell Typologie muss nach evoluéieren an déi Aarbecht ass och scho fir en nächste Projet geplangt. Si ass bei wäitem keng Bibel, si huet ons just derbäi gehollef, fir d'Villfältgkeet vun deene verschiddene Praxisfelder iergendwéi ze gräifen ze kréien.

Jean-Paul Reuter, Office Social Differdange



Ech hunn en Temoignage an zwou Froen. Mir hunn an de leschte Joren oft Stagiairë vun der Uni gehat aus dem 2. oder 3. Joer, si hunn eng exzellent Ausbildung a bréngen vill Bagage mat. Mir hunn och eng Rei jonk Leit agestellt, déi frësch vun der Schoul komm sinn: Si sti mat zwee Féiss um Buedem a si leeschten eng gutt Aarbecht, souguer wa se an dat kaalt Waasser gehäit ginn. Am berufflechen Alldag ass et esou, datt ee vill muss wëssen an datt een och mat ganz ville Belaaschtungen konfrontéiert gëtt: Mer bräichte vill méi **Supervisioun** am soziale Sektor, an et ass ganz schwéier, fir genuch gutt Leit dofir ze fannen. Kënnt d'Uni eventuell esou Leit ausbilden, respektiv zur Verfügung stellen?

Déi zweet Fro geet ëm **d'Qualitéit vun der Aarbecht**: Mir maache ganz vill, awer et wier och wichteg, datt mer wëssen, ob mer eng gutt Aarbecht man. Ech si frou, datt d'Uni den Optrag krut, fir d'Evaluatioun vum Gesetz iwwer d'Aide sociale ze man. Kënnt et net och zum Fuerschungsoptag vun der Uni gehéieren, fir de sozialen Akteuren zur Säit ze stoen, fir ze kucken, ob dat, wat an der sozialer Aarbecht gelescht gëtt, Sënn mécht? An och fir ons ze hëllefen, déi Aart a Weis, wéi mer schaffen, a Fro ze stellen.

Christine Schiltz

Éischters sinn ech frou, wann ons Studenten esou vill Stagë kënne man, dat ass nämlech net evident an engem Bachelor. Awer et bréngt ganz vill, besonnesch wa se am Stage gutt encadréiert sinn. Zu der Supervisioun: Mir hunn de Moment de **Master** am „**Management and coaching**“, dee genee dat ubitt, fir Leit, déi Superviseure sinn am sozialen an am Erzéiungsberäich, ze begleeten. Dat ass awer fakultativ, mir hunn net d'Mëttelen, een ze forcéieren. Et ass de Superviseure fräigestallt, ob se bei ons kommen, fir déi Formatioun ze maachen oder net. Et ass also nëmmen e klengen Deel vun de Superviseuren, deen dorun deelhëlt, an déi schéngen och ganz zefridden ze si mat dem Angebot. An deem Kontext stellt sech natierlech och nees d'Fro, ob esou eng Zousatzformatioun dann och iergendwéi unerkannt géif ginn.

Mir sinn och personell limitéiert am Moment, mer kënne einfach net all déi Fuerschung man, déi interessant wieren oder néideg wieren. Wa mir méi Personalressourcen a méi Mëttele kréien, kënne mir och méi ubidden. Dofir wier et ganz wichteg, wann Dir alleguer kënnt déi **Besoien**, déi Der gesitt, kloer **artikuléieren** an och de Ministère presentéieren.

Table ronde



Petra Boewen



Wat an onser Formatioun eenzegaarteg ass, dat ass eng „**studienbegleitende Selbstverföhrung**“, un där all ons Studente musse während der ganzer Dauer vum Studium deelhuefen. An der Fro goug et jo dröm, ze wëssen, ob d'Uni kënnt esou eng Ausbildung iwwerhuelen an deem Beräich. Dat wier bestëmmt eng gutt Iddi. Mee mer sinn nach eng relativ nei, kleng Uni, mer si personell begrenzt a mer kënne leider nach net all Dag eng nei Formatioun ubidden. Zu der praxisorientierter Fuerschung: Et gëtt vill bei ons gefuerscht, a ville Beräicher, déi no beim Terrain sinn, sou wéi zum Beispill d'Evaluatioun, déi den Helmut Willems Koordinéiert zum „Aide sociale“-Gesetz. Et ass awer och en immense Verloscht fir ons all, datt den Dieter Ferring, dee vill Recherche gemat huet an der Altersfuerschung, leider viru kuerzem verstuerwen ass.

Christian Billon, *Président CNDS, Membre du comité d'audit de la Croix-Rouge et ancien vice-président de la Fondation Elisabeth*



Dans le cadre de mes mandats, j'ai eu l'occasion, ces dernières années, de participer au niveau de la gouvernance de ces différentes institutions. Et j'ai pu constater l'évolution croissante de la demande de ces institutions, en **compétences managériales**. Aucune organisation ne peut se permettre aujourd'hui d'avoir des directeurs qui ne soient ni performants ni compétents. Personnellement je viens du monde financier: auditeur, expert-comptable, tous ces métiers désagréables pour ceux qui travaillent dans le secteur social (sourires amusés dans la salle). Autant je manque de compétences en sociologie et en sciences humaines – et cela me manque réellement –, autant les professionnels qui viennent du terrain n'ont bien souvent pas ces compétences managériales. C'est là que l'Université peut jouer un rôle

important, pour jeter un pont entre ces formations, pour **s'assurer que les professionnels qui vont s'investir dans le secteur social, acquièrent les bons outils**. En effet, le secteur social continuera de se développer au sein de notre société, car de plus en plus de gens auront besoin de ses services.

Gilles Rod

Et ass mer sécher net dröm gaang, fir eng Schwaarz-Wäiss-Molerei ze man, tëscht deene „Gudden“ aus dem soziale Sektuer an de „Béisen“ aus dem Finanzsektuer. Ech wëll just virdu warnen, datt eventuell herno nach just no Competitivitéit a Performanz gekuckt gëtt an net méi no Inhalter. Well do riskéiert de Mënsch vill ze verléieren. Ech ginn lech Recht dermat, datt ee muss **an enger ëmmer méi komplexer Welt ëmmer méi Kompetenzen zesummebréngen**, an dat ass natierlech eng formidabel Eerausfuersderung fir d'Uni.

E schlechte Manager kann engem Sozialaarbechter säin Dag verdierwen, an hie kann him seng Aarbecht verdierwen. (Applaus) Wann eng Equipe net propper organiséiert ass, da ka se net schaffen. Mer brauchen den Humanismus, d'Kärgeschäft, a mer brauchen d'Organisatioun, mer brauchen déi zwee.

Guy Schmit, *Kriminolog an Assistant social, Vacataire op der Uni fir de BSSE seit 2009*



D'Sozialaarbecht an Europa huet sech iwwer déi lescht 10-20 Joer ouni Zweifel professionaliséiert. Dat ass och wichteg bei komplexen Evolutiounen, déi a ganz verschidde Richtunge ginn. Mee ech wëll awer och soen, datt de Bachelor en Sciences sociales et éducatives keng Manageren ausbild. An et ass wichteg, datt mer onst **Kärgeschäft** net vergiessen: **Wéi ass d'Qualitéit vum Accueil vun enger Persoun, déi an Nout ass?** Wéi lauschteren

ech där Persoun besser no? Wéi authentesch ginn ech mat deene Mënschen ëm? Jo, et ass ouni Zweifel wichteg, e Bilan kënnen ze liesen an eppes vu Gestiouen ze verstoen. Awer, wat ech aus menger Experienz, déi vill am Beräich Prisong a Bewährungshëllef läit, erauszéien, ass dat hei: Wat déi Mënschen, mat deenen een do ze dinn huet, herno behalen, si Leit, duerch déi en Declic koum. Leit mat mënschleche Qualitéiten, duerch déi se opgehal hunn, kriminell ze sinn, oder duerch déi se sech an der Gesellschaft nees integréiert fillen.

An dofir wëll ech dat widderhuelen: Mer däerfen onst Kärgeschäft net vergiessen, soss hu mer herno „too many chiefs“ an net genuch „Indians“. (Applaus).

Charel Schmit

Ech denken, mer sollten déi zwou Handlungslogiken net géinteneen ausspillen, Managementkompetenzen a Kärgeschäft. Béd si wichteg, an et kënn e Message vun haut sinn, sech ze froen: **Wat ass dann erfuerdert, fir dat Kärgeschäft weiderzedreiwien?** D'Gefor, op déi d'Madame Mulheims opmierksam mécht, ass datt de Kärgedanke vum Gesetz riskéiert vergiess ze ginn, wann d'Praxis ganz ënnerschiddlech iwwer Land ass. De Legislatueur wollt jo mat der Reform vun den Offices sociaux dozou bäidroen, datt et méi eng grouss Equitéit gëtt fir d'Leit. Mir gesinn awer och, datt déi grouss Marge de manoeuvre, déi d'sozial Aarbechter hunn – an déi och wierklech néideg ass –, kann zu lokalen Ënnerscheeder féieren, déi net am Sënn vun der Equitéit sinn. Dofir brauche mer **Guidelines, Recommandatiounen** an engem Apparat vu Qualitéitsassurancen, sou wéi dat an anere Beräicher de Fall ass, z. B. an der non-formaler Bildung. Mir bräichten dat net nëmmen an Eenzelfelder, mee iwwergräifend, eng **generell Demarche fir all d'Felder vun der sozialer Aarbecht**.

An dat Kärgeschäft ass net nëmmen eng Saach vu „Bac+3“-Formatiounen, dat ass eng Fro vun enger **verdëiffter Fachlechkeet**, vun enger **weidergefouerter Fachlechkeet** um Niveau vum Master. Nieft dem wäertvolle Master a „Management and Coaching“ an dem theoretesche Master an de Sciences sociales et éducatives, misst een och aner Masteren an de verschiddenen Aarbechtsfelder ubidden, wou d'Expertise vun de Leit verdëft gëtt a wou se kënnen innovativ ginn, souwuel am Management wéi och um Niveau vun de Konzepter. **Déi zwou Logiken – „structures before people“ op där enger Säit a „people first“ op där anerer Säit – muss een zesummekréien.** Do entstinn noutgedronge Konflikter a Spannungen. Mee ouni Konflikter geet et net, an dat ass jo grad dat Schéint an der sozialer Aarbecht. Mer schwätze mat de Leit, mer hu Konflikter, Ambivalenzen, Spannungsverhältnissen, a grad an der

Opléisung dovunner weist sech d'Autonomie an d'Professionalitéit vun de Leit, déi an deem Feld schaffen. Genee dat gëllt et ze kultivéieren an och duerch Gesetzer – Kadergesetzer a Règlements grands-ducaux – ofzesécheren.

Op der Uni gëtt jo net nëmmen iwwer d'sozial Aarbecht, mee och iwwer d'Verännerungen an der Lëtzebuerger Gesellschaft gefuerscht, wéi z. B. d'Integratioun vu Flüchtlingen, en neit Feld, wat derbäikomm ass an de leschte Joren. D'Uni kënn dofir idealerweis déi Plaz sinn, wou d'Verbindunge geschaf ginn tëscht de Verännerunge vun der Lëtzebuerger Gesellschaft an deem, wat um Terrain gefuerdert ass.

Maddy Mulheims, *conseil d'administration de l'Office Social de Bettemburg*



Ech schléisse mech der Demande u vum Office social vun Déifferdeng: Supervisioun fir déi Leit, déi am Office Social schaffen, awer och Supervisioun fir de Verwaltungsrot. Am Verwaltungsrot gi jo d'Decisiounen geholl fir d'finanziell Ënnerstëtzung vun de Leit.

Dobäi si mer oft ugewisen op de Rot an d'Propositionen vun de sozialen Aarbechter. Si hunn ons z. B. virgeschloen ze kucken, wat fir vun de Clientë kënnen laangfristeg en Deel vun der finanzieller Ënnerstëtzung zréckbezuelen. Aus der pädagogescher Perspektiv eraus, fir d'Leit mat an d'Responsabilitéit ze zéien. Dat heescht, wa mir déi pädagogesch Approche huelen, da ma mir ëmmer méi Avancen, a keng Secours méi. Aner Offices sociaux maache praktesch nëmme Secours, well da méi eng héich Ënnerstëtzung vun der Oeuvre kënn. Fir d'Secours krute mer och e Budget vun der Oeuvre – e grouse Merci u si – vun där mer e Projet finanziere fir ongeféier 20 Logementer an de Gemenge Beetebuerg, Réiser a Fréiseng. Fir esou e Projet bräichte mer allerdéngs och Managementkompetenzen. Well mer sinn dee Projet ugaang, ouni am Virus vill ze plangen, an dat bréngt elo ons Sozialaarbechter an eng Noutsituatioun, wou se musse vill Zäit drop verbréngen. Dofir de Wonsch no Formatioun respektiv **Supervisioun am Domaine vum Management**, déi och misst finanziell extra honoréiert ginn. E grouse Merci nach eng Kéier fir d'Organisatioun vun deem Dag vun haut. Well et ass d'Geleeënheet, fir vill Hannergrondinformatioun an den Iwwerbléck ze kréien, wéi villfälteg a wéi wichteg déi sozial Aarbecht um nationalen Niveau ass. Ech begreifen, datt et vill ONGe gëtt, mee ech denken datt de Staat och eng gréisser Verantwortung hätt, fir d'Offices sociaux nach anescht z'ënnerstëtzen. Dofir ass déi Evaluatioun vum Gesetz onbedéngt

Table ronde



noutwendeg, fir méi Kloeerheet tëscht dem Verwaltungsrot an dem Personal ze schaffen.

Raoul Schaaf

Ech sinn iwwerzeegt dervun, datt d'Approche vum Gesetz vun der Aide sociale: „E Mënsch huet e Recht op Hëllef“, déi richteg ass. Déi Hëllef däerf net vum Zoufall ofhänken, wou ech grad wunnen. Mer hu säit enger Rei Joren ugefaang, ons ze treffen ënnert den Offices sociaux vum Westen a vum Norden, fir ons ze concertéieren a sécherzestellen, datt d'Hëllef sou wäit wéi méiglech d'selwecht verdeelt ginn.

D'Zesummenaarbecht, d'Vernetzungsaarbecht wäert an den nächsten 10 Joer extrem wichteg ginn, fir verschidde Lücken ze fëllen. Et ass ons Responsabilitéit, et ass d'Essenz vun der sozialer Aarbecht, fir méiglech ze man, datt d'Zesummenaarbecht um Terrain klappt, am Intérêt vum Client. (Applaus)

Martine Neyen

Mer kommen esou lues un de Schluss vun dëser Table ronde. Christine Schiltz, géift Dir wëllen den Ofschluss maache mat de Perspektiven, déi Dir gesitt fir d'Uni an deem Kontext, deen haut hei zur Debatt stoung?

Christine Schiltz

Mer hunn eng Rei positiv Signaler fir d'Zukunft. Fir d'éischt wëll ech awer nach eng Kéier dem Petra an dem Céline Merci soen, datt si dee wichtigen Dag hei organiséieren. Et ass all Joer méi e grouse Succès an et ass essentiell, datt mer ons hei zesummenfannen.

Ech huelen de Message mat vum **Besoin u weidere Bildungen um Niveau vum Master**, eventuell och Doktorat. An och de Rappel vun der Wichtigkeet vun der **Supervisioun**: Mer wäerte probéieren, dorun ze schaffen.

Mer wëllen och **d'Ausbildung méi breet a méi vernetzt opbauen**, zum Beispill hu mer ugefaang ze kucken, wat gemeinsam ass tëscht dem BSSE an dem Bachelor an de Sciences de l'Education. In puncto Fuerschung hu mer eng Ekonomistin, déi am Beräich „sozial Ongläichheet“ fuerscht, wou also dee managerialen a finanziellen Aspekt mat afléisst. Eng Pist wier och, fir wann een eng Formatioun opbaut, fir direkt Kontakter mat der Fakultéit vun Droit an Economie hierzustellen. An engem vun onse Mastere schaffe mer scho mat der Faculté des sciences zesummen, e flotte Modell. Dann nach e puer Wieder zum nächste **Plan quadriennal**. Wéi ech éinescht gesot hunn, hu mer gemierkt, datt zwar vill Aarbecht geleescht ginn ass an de leschte Joren op onser Fakultéit, mee datt déi net ëmmer sou visibel war. Dofir war ee vun onse Projeten dëst Joer, fir ons méi kloer opzustellen an ons



Organisatioun méi kloer verständlech ze man, souwuel no banne wéi no baussen. Dat heescht, ab dem nächste Joer (soubal wéi eisen neien Recteur an de Conseil de Gouvernance hiren offiziellen Accord ginn hunn) hu mer net méi dräi Fuerschungsinstituten mat obskuren Nimm wéi bis elo, mee interdisziplinär Unitéiten, wou den Numm och direkt de Programm ass:

- Humanities
- Social sciences and behavioural sciences
- Geography and spatial planning
- Education and social work

Déi sozial Aarbecht gëtt also offiziell an explizit am Numm vun der Struktur vun enger vun onse Fuerschungseenheete verankert, wat e staarkt Signal ass. An innerhalb vun där Unitéit wäert de Praxisbüro eng Sous-unitéit sinn, ee vun den Instituten, zesumme mam „Bureau du temps de terrain“ vum Bachelor „Sciences de l'éducation“ fir den Enseignement. Déi Struktur si fir ons d'Basis vun onsen Aarbechten, déi mer esou wëlle méi visibel man, souwuel wat d'Fuerschung wéi och den Enseignement ugeet.

Martine Neyen

Merci un lech all fir dat ureegend Gespréich. Ganz vill Aspekter hu mer ugeschwat kritt, vill missten der nach verdéift ginn a

wäerten och an Zukunft opgegraff ginn. Et sinn definitiv eng Rei Saachen net esou, wéi se missten a kënnte sinn. Weder op der Uni nach um Terrain nach an der Budgetpolitik. Et gëtt awer och eng Hällewull Usätz an Iddien, wéi ee Verbesserung kann erbafeieren. Et gëtt immens vill Dynamismus, Enthusiasmus an Engagement am soziale Beräich, an och Knowhow.

Ech kann nëmmen hoffen, datt Dir all heibannen, no dësem Gespréich, weider dervun iwwerzeegt sidd, datt Dir dee richteg Beruufschoix getraff hutt an datt Dir en essentielle Pilier sidd vun der Gesellschaft.

Schwierigkeete sinn do, fir iwwerwonnen ze ginn. Wa mer se als e Problem ukucken, siche mer no Excusen an Ausrieden, fir näischt ze man. Wa mer se awer als eng Geleeënheet gesinn, fir eppes ze verännern, da siche mer no de Mëttelen, déi mer brauchen, fir datt eppes geschitt. An da fanne mer och Mëttelen. Ech géif dofir wëllen ofschléisse mat engem Zitat vum engleschen Auteur George Bernard Shaw:

Dee verstännege Mënsch passt sech der Welt un, sou wéi se ass. Deen Onverstännege gëtt es net midd, derfir ze schaffen, fir d'Welt senge Virstellungen unzepassen. Dofir hänkt all Fortschrëtt ëmmer just vun deenen Onverstännegen of.

Aussteller

ÜBERBLICKE DER ORGANISATIONEN MIT INFORMATIONSSTAND AUF DER PRAXISMESSE





LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse
Centre socio-éducatif de l'État



Centre thérapeutique
Kannerhaus Jean



Entente des Gestionnaires
des Maisons de Jeunes



Entente des Foyers de Jour



Fondation
Autisme
Luxembourg



Service du CHNP



infoMann
actTogether asbl



MATHËLLEF
asbl



ama.lu



CENTER FIR
ALTERSFROEN



Service d'
Accompagnement
T utélaire asbl



wunnéngs

uni.lu
UNIVERSITY OF
LUXEMBOURG



hëllef asbl

TÉLOS
éducation

Aussteller

97%

der Aussteller, die den Auswertungsbogen ausgefüllt haben, wollen auch im nächsten Jahr wieder am Praxis- und Kontakttag teilnehmen.

Guter Austausch (mit Professionellen).

In diesem Jahr besonders toll war das gesamte Zusammenkommen des sozialen Sektors, wir haben sehr viele

Kontakte geschlossen,
aufleben lassen oder genutzt,
um zukünftige **Projekte** und **Kollaborationen**
auf die Beine zu stellen.

Excellente modération
de la table ronde avec
des questions très
bien ciblées.

Perfekte Organisation
der Table Ronde.

Zufriedenheit
bleibt als letzter Eindruck.

Gut besucht

ERGEBNISSE UND ZITATE DER EVALUATION DER TEILNEHMENDEN AUSSTELLER





Sehr gute Entwicklung
in den letzten 5 Jahren
– jedes Jahr ist eine
Steigerung
zu erkennen.

Super **Austausch**
mit anderen Professionellen!

Eine **einmalige
Gelegenheit** um
überhaupt mit Vertretern aus
anderen Bereichen und Institu-
tionen in Kontakt zu treten.

Hochgradig
gelungene
Veranstaltung.

Positiv: **Vielfalt**
der Einrichtungen.

Sehr gelungene und
bereichernde
Veranstaltung.

Die **Organisation**
war wieder wie schon die
Jahre vorher perfekt!

Sehr angenehme
Atmosphäre
Weiter so



Studierende & Ehemalige

ERGEBNISSE UND ZITATE DER TEILNEHMENDEN STUDIERENDEN UND EHEMALIGEN

Ich bin der Universität Luxemburg
sehr dankbar,
dass sie dies für uns organisiert hat!

Ich finde es **super**, dass ein solcher Tag für die Studierenden angeboten wird, und freue mich auf nächstes Jahr.

... es fand ein **aktiver Austausch** mit den Organisationen statt, da sie auch bereit waren, ihr Wissen, Können etc. weiterzugeben.

AUSWERTUNG STUDIERENDE

Ziele:

- Arbeitsfelder kennenlernen
- Kontakte knüpfen
- Praktikum finden
- Arbeitsstelle finden

> 96 % der Studierenden hatten sich ein Ziel gesetzt,

davon haben

> 90 % ihr Ziel erreicht

Es hat mir sehr gut gefallen, da man die Möglichkeit hatte, andere Institutionen **kennenzulernen** und neue Kontakte zu knüpfen.

Ich bin sehr glücklich darüber, dass die Universität Luxemburg diesen Tag organisiert, und freue mich schon auf nächstes Jahr, wo ich mich intensiv **damit beschäftigen** kann, ein Praktikum zu finden.

Im Großen und Ganzen war ich **sehr begeistert** von dem Praxis- und Kontakttag.

Diese Art von **Veranstaltung** sollte auf jeden Fall weitergeführt werden.

Hingegen fand ich die "Table ronde" zum Thema des Tages **sehr interessant**.

Ich war beeindruckt, dass es in Luxemburg eine solche **Vielfalt** an Organisationen gibt.

Es war sehr informationsreich und ich kann mir jetzt viel **besser vorstellen**, wo ich mein Praktikum machen möchte bzw. wo ich später mal arbeiten möchte.

Die Leute waren alle **sehr kontaktfreudig** und haben sich Mühe gegeben, uns genügend Informationen mitzuteilen.

Für mich persönlich war der Praxis- und Kontakttag eine IDEALE Möglichkeit, **neue Trägerschaften** und Organisationen aus dem sozialen Bereich kennenzulernen.

Die Möglichkeit, eine solch große Vielfalt an einem Platz zu haben, war eine große **Bereicherung** für mich.

Keep up the **good work.**



BSSE Ehemalige Absolventen



IFEN Teilnehmer



Lerncoaching Teilnehmer

Presseartikel



Am Donnerstag, den 19.10.2017 fand der fünfte Praxis- und Kontakttag der Sozial- und Erziehungswissenschaften auf dem Campus Belval statt. Petra Böwen freute sich, die zahlreichen Gäste und den Schirmherrn Kammerpräsident Mars Di Bartolomeo, zu begrüßen.

Organisiert wird der Tag vom PraxisBüro. www.praxisbuero.lu

Ursprünglich als Kontaktmesse für die Studierenden des Bachelor in Sozial- und Erziehungswissenschaften BSSE konzipiert, hat er sich in den letzten Jahren immer mehr zu einem Netzwerktag für die verschiedensten Adressaten der Sozialen Arbeit entwickelt. Nicht nur der Austausch zwischen Studierenden und Organisationen steht im Mittelpunkt. Viele Praxisexperten nutzen die Gelegenheit, auf diesem Wege neue Institutionen kennenzulernen und sich mit anderen Professionellen wieder einmal persönlich austauschen zu können.

Waren es 2013 auf Anhieb 32 soziale Einrichtungen aus Luxemburg und der Großregion, die sich und ihre Angebote dem interessierten Fachpublikum vorstellten, stieg die Zahl seither kontinuierlich an, auf über 90 in diesem Jahr. Auch die Vielfalt der Praxisfelder „Von der Wiege bis zur Bahre“ nahm noch einmal zu.

Auch die Teilnehmerzahlen und -gruppen stiegen sehr. Allein 450 Anmeldungen konnten registriert werden: Studenten,

Schüler, „Staatsstagiaire“, Sozialarbeiter aller Ausbildungen, Entscheidungsträger der Institutionen, Dozenten, Wissenschaftler, Kommunalpolitiker ...

Das Thema: „Die Bedeutung der Sozialen Arbeit für die luxemburgische Gesellschaft - Stand der Dinge - Herausforderungen - Perspektiven“ ist aktueller denn je und auch das Interesse daran.

Dies wurde schon in der Begrüßung des Dekans Georg Mein klar. Er verwies auf die Publikation „Der BSSE und seine Praxisfelder“, die seit Wochen auf Nummer 1 der orbi-Liste steht. <http://orbi.lu.uni.lu/handle/10993/31549>

Céline Dujardin stellte in ihrem Vortrag einige Ergebnisse der beiden PraxisBüro-Forschungsprojekte vor, die die aktuelle Situation in Luxemburg darstellen:

- Sozialarbeiter sind in allen Praxisfeldern der luxemburgischen Gesellschaft aktiv.
- Es gibt Hunderte von interessierten Bewerbern für universitäre Aus- und Weiterbildungen in diesem Bereich.
- Es gibt Hunderte von offenen Stellen auf dem Arbeitsmarkt.

Mars Di Bartolomeo war tief beeindruckt und machte deutlich, wie wichtig es sei „d'Oueren um Gleis ze hunn“ und alle zu

SAVE THE DATE

Fakultät für Sprachwissenschaften
und Literatur, Geisteswissenschaften,
Kunst und Erziehungswissenschaften



Das PraxisBüro lädt ein zum

6. Praxis- und Kontakttag

Machen Sie mit !

Fachvorträge - Diskussionen
Informationsstände - Begegnungsmöglichkeiten

Fachvorträge - Diskussionen
Informationsstände - Begegnungsmöglichkeiten

Sie suchen Praktikanten, Aushilfskräfte, Mitarbeiter

Sie suchen den Austausch mit Studierenden,
Universitätsmitarbeitern und anderen Praktikern

Sie möchten Ihre Einrichtung vorstellen

Donnerstag, den 18. Oktober 2018



Kontakt:

petra.boewen@uni.lu www.praxisbuero.lu T. +352 46 66 44-9478

PraxisBüro

beteiligen, wenn neue politische Projekte initiiert werden.

In der anschließenden Table Ronde, moderiert von Martine Neyen und Geert van Beusekom, wurde dann von den Teilnehmern Christine Schiltz, Gilles Rod, Raoul Schaaf und Charel Schmit auch die andere Seite der Medaille beleuchtet:

- Sparmaßnahmen und Budgetkürzungen, die dieses Jahr die uni.lu drastisch treffen
- Diskussionen, inwieweit die einzige uni.lu überhaupt noch Ausbildungen in diesen Bereichen anbieten soll
- Mindestens 8 Ministerien, die in der Sozialen Arbeit aktiv sind, aber keines, das sich zuständig fühlt

Trotz der vielen Herausforderungen waren sich alle einig, dass die Vernetzung aller Beteiligten unabdingbar ist und dass konstruktiv und positiv in die Zukunft geschaut wird.

Petra Böwen konnte die beiden neuen Studienprogramme „BSSE-CSL berufsbegleitend“ und „LernCoaching“ als weitere Bausteine zur Verbesserung der Situation darstellen und das Morgenprogramm mit der Zusage beenden, dass das PraxisBüro viele weitere Angebote und Ideen hat.

Nach dem Imbiss, der schon rege zur Kooperations- und Netzwerkarbeit genutzt wurde, begann die eigentliche Messe, bei

der sich die Träger an ihren Informationsständen präsentierten und Studierenden und Interessierten Kontaktknüpfungsmöglichkeiten auf verschiedensten Ebenen boten.

Die Fototermine mit BSSE-Absolventen, „Staatsstagaiaren“ und LernCoaching-Teilnehmern waren ein weiterer fröhlicher Tagespunkt.

Auch das PraxisBüro stellte seine vielfältigen Aktivitäten vor, die alle der Netzwerkarbeit dienen und von allen Beteiligten der Sozialen Arbeit genutzt werden können.

Petra Böwen freute sich sehr, nach diesem langen Tag noch so viele Menschen zum „Abschlusspatt“ begrüßen zu können, bei dem sich noch fleißig weiter vernetzt wurde und weitere Schritte geplant wurden.

Am Ende des Tages konnten die Organisatoren auf einen gelungenen Tag zurückblicken und schon etliche Voranmeldungen für den Praxis- und Kontakttag am 18.10.2018 registrieren.

Weitere Informationen, auch die Broschüre mit allen nützlichen Informationen, unter www.praxisbuero.lu

Ansprechpartnerin: Petra Böwen, petra.boewen@uni.lu

<http://lerncoaching.uni.lu> - <http://bsse2.uni.lu>

PraxisBüro



DAS PRAXISBÜRO

Das PraxisBüro ist als Schnittstelle zwischen der Universität und den vielfältigen Akteuren in Praxis und Politik konzipiert. Es bietet Information, Beratung, Unterstützung und Kooperation für Studierende, Hochschulmitarbeiter, Vertreter der Praxis und der Politik und die interessierte Öffentlichkeit. „Wir fühlen uns dabei der luxemburgischen Gesellschaft im Allgemeinen und der Sozialen Arbeit im Besonderen verpflichtet“.

Unser Ziel ist es, nach dem Motto „Wissenschaft trifft Praxis, Politik an Öffentlichkeit“ allen Akteuren Plattformen zu bieten, diese zu vernetzen und permanente Austauschmöglichkeiten und Weiterentwicklungen aller Beteiligten zu ermöglichen. Die vielfältigen Angebote des PraxisBüros entstanden und entstehen stets aus Anfragen und Bedürfnissen der unterschiedlichen Zielgruppen. Das ursprüngliche Ziel, den Studierenden der Sozialarbeit/Sozialpädagogik umfassende Informationen aus Wissenschaft und Praxis zu bieten, musste deshalb rasch erweitert werden.

Zurzeit organisiert das PraxisBüro jährlich zwei große Veranstaltungen, den Praxis- und Kontakttag für Akteure der Sozialen Arbeit und Studierende und den Netzwerktag für alle Absolventen der Bachelor in Sozial- und Erziehungswissenschaften. 2017 organisierten wir gemeinsam mit dem Lëtzeburger Suchtverband den ersten nationalen Suchtkongress, der jetzt jährlich stattfindet und damit zur dritten großen Veranstaltung des PraxisBüros auf nationaler Ebene wird.

Das PraxisBüro hat mit dem Studienprogramm Lerncoaching in Professionalisierungsprozessen eine anerkannte Weiterbildung konzipiert und setzt sich in seiner Forschung mit aktuellen Themen und Herausforderungen des Sozialen Bereiches auseinander. Die Qualitätsentwicklung der Studiengänge der Sozialarbeit/Sozialpädagogik nimmt hier ebenfalls ihren Platz ein, wie auch Auftrags- und Handlungsforschung und Evaluation. Zurzeit befassen wir uns mit drei fortlaufenden Forschungsprojekten:


- Die Praxisfelder der Sozialen Arbeit in Luxemburg
- Der Arbeitsmarkt in den Sozialen Praxisfeldern in Luxemburg
- La formation continue dans l'intervention socio-éducative-inventaire, besoins et perspectives

Daneben stehen wir in ständigem Austausch mit den nationalen und internationalen Kooperationspartnern aus Wissenschaft und Praxis und bieten seit diesem Jahr maßgeschneiderte Beratung, Seminare und Trainings im Bereich Personalentwicklung für Mitarbeiter staatlicher Verwaltungen und sozialer Institutionen an; besondere Zielgruppe: „Berufsfremde der Sozialen Arbeit“.

Die vorliegende erste Ausgabe der Publikation NetzWerk, die regelmäßig erscheinen wird, bietet allen Akteuren die Möglichkeit der aktiven Mitarbeit und Darstellung ihrer Themen.

Petra Böwen

Leiterin des PraxisBüros



PraxisBüro

Forschung & Entwicklung

Unsere Forschung setzt sich mit aktuellen Themen und Herausforderungen des sozialen Bereiches auseinander. Die Qualitätsentwicklung der Studiengänge in der Sozialen Arbeit nimmt hier ebenfalls ihren Platz ein. Wir bieten außerdem Auftrags- und Handlungsforschung sowie Evaluationen.

Kooperationen & Netzwerke

Wir sind der festen Überzeugung, dass nachhaltige Erfolge für alle nur zu erzielen sind, wenn alle Beteiligten zusammenarbeiten und ihren Beitrag leisten können. Unser Ziel ist es, auf allen Ebenen Kooperationen, Plattformen und Netzwerke zu initiieren, zu fördern und zu pflegen.

Das PraxisBüro ist als Schnittstelle zwischen der Universität und den vielfältigen Akteuren in Praxis und Politik im Bereich der Sozialen Arbeit konzipiert. Es bietet Information, Beratung, Unterstützung und Kooperation für Studierende, Hochschulmitarbeiter, Vertreter der Praxis und der Politik und die interessierte Öffentlichkeit.

Wir fühlen uns dabei der luxemburgischen Gesellschaft im Allgemeinen und der Sozialen Arbeit im Besonderen verpflichtet. Unser Ziel ist es, nach dem Motto „Wissenschaft trifft Praxis a Politik“ allen Akteuren Plattformen zu bieten, diese zu vernetzen und permanente Austauschmöglichkeiten und Weiterentwicklungen aller Beteiligten zu ermöglichen.

Die vielfältigen Angebote des PraxisBüros entstanden und entstehen stets aus Anfragen und Bedürfnissen der unterschiedlichen Zielgruppen.

Lehre & Weiterbildung

Wir sind auch als Dozenten sowohl an der uni.lu, in der Ausbildung der Staatskarrieren (stage des fonctionnaires du sous-groupe éducatif et psychosocial) als auch in den épreuves d'aptitudes zur Anerkennung ausländischer Diplome (assistant social) aktiv.

praxisbuero@uni.lu
www.praxisbuero.lu

Dienstleistung


Das PraxisBüro unterstützt mit seinen Dienstleistungen Personen und Organisationen bei der Bearbeitung sozialer Problemlagen sowie bei der qualitativen und quantitativen Weiterentwicklung der Steuerung und Gestaltung sozialer und organisationaler Prozesse, immer basiert auf aktueller Forschung und den spezifischen Anforderungen der Kunden. Wir bieten hierzu Beratung, Training, Coaching und Personalentwicklung, auch für Berufsfremde, in den Feldern der Sozialen Arbeit an.

DIE ENTWICKLUNG DES PRAXIS- UND KONTAKTTAGES SEIT 2013

